Gemeng Rammerich

Gemengerotssëtzung vum 9. Februar 2023

1.) Deliberatioun iwwer d'Opdeelung vu verschiddene Kadasterparzellen am Hibléck op eng Bebauung.

2.) Deliberatioun iwwert eng Stellungnam zum Leetplang fir Landesplanung 2023 (PDAT).

3.) Deliberatioun iwwert déi provisoresch Geneemegung vun engem Projet fir eng punktuell Ännerung vum Allgemenge Bebauungsplang (PAG) vun der Gemeng Rammerich betreffend Terrainen zu UESCHDREF, rue Jean-Jacques Klein.

4) Deliberatioun iwwert déi provisoresch Geneemegung vun engem Projet fir eng punktuell Ännerung vum Allgemenge Bebauungsplang (PAG) vun der Gemeng Rammerich betreffend Terrainen zu HUESCHTERT, rue Principale.

5) Deliberatioun iwwert déi provisoresch Geneemegung vun engem Projet fir eng punktuell Ännerung vum Allgemenge Bebauungsplang (PAG) vun der Gemeng Rammerich betreffend Terrainen zu PÄREL, rue des Champs.

6. Deliberatioun iwwert déi provisoresch Geneemegung vun engem Projet fir eng punktuell Ännerung vum Allgemenge Bebauungsplang (PAG) vun der Gemeng Rammerich betreffend Terrainen zu RAMMERICH, rue de Schwiedelbrouch.

7. Deliberatioun iwwert déi definitiv Geneemegung vun engem Projet fir eng punktuell Ännerung vum Deelbebauungsplang (PAP, quartier existant) vun der Gemeng Rammerich betreffend Terrainen zu UESCHDREF, rue du Lac.

8.) Deliberatioun iwwert déi definitiv Geneemegung vun engem Projet fir eng punktuell Ännerung vum Allgemenge Bebauungsplang (PAG) vun der Gemeng Rammerich betreffend Terrainen zu UESCHDREF, rue du Lac.

9.) Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vum Devis betreffend d'Erneierung vun de Feldweeër, ausseruerdentlech Aarbechte vum Exercice 2023, ASTA-Programmer 102 675 an 101 943.

10.) Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun engem Devis betreffend d'Erneierung vun de Feldweeër, uerdentlech Aarbechte vum Exercice 2023, ASTA-Programm 102 676.

11.) Deliberatioun iwwert ee vum interkommunale Syndikat DEA ugefrote Kapitalbäitrag fir den Exercice 2023.

12.) Deliberatioun iwwert d'Geneemegung vun der Konventioun betreffend de Bäitrëtt zum SERVIOR-„lessen op Rieder".

13.) Konkordant Deliberatioun iwwer d'Festleeë vun de Primmen, déi bewëllegt gi fir de Kaf a fir d'Reparatur vun elektreschen Haushaltsapparaten mat héijer energeetescher Leeschtung a fir den hydrauleschen Equilibrage verbonne mat der Auswiesslung vun der Heizungs-Ëmwälzpompel duerch eng Pompel mat héijer energeetescher Efficacitéit.

14.) Deliberatioun iwwer d'Stellungnam zum geplangte Klassement vun engem Site op Gemengenterritoire als nationale Kulturpatrimoine.

15.) Deliberatioun iwwer eng nei Benennung vun engem Deel vun der rue Abbé Neuens zu BILSCHDREF.

16.) Deliberatioun iwwert d'Bestätegung vu verschiddenen dréngenden zäitlech begrenzte Verkéiersreglementer.

17.) Revisioun vun der Virranglëscht vun de Gemengerotsmemberen.

18.) Deliberatioun iwwer d'Ersetze vun engem Vertrieder vum Gemengeconseil an der kommunaler Schoulkommissioun.

19.) Deliberatioun iwwer d'Ersetze vun engem Vertrieder vum Gemengeconseil am lokalen Aktiounsgrupp LEADER.

20.) Deliberatioun iwwert d'Ernennung vun engem Vertrieder vun der Gemeng Rammerich am Verwaltungsrot vum Sozialbüro vum Kanton Réiden/Atert, OS-Care.

21.) Deliberatioun iwwert d'Accordéiere vun Entwécklungshëllefen.

22.) Deliberatioun iwwert d'Accordéiere vun aussergewéinleche Subsiden.

23.) Äntwerten op d'Froen un de Buergermeeschter- a Schäfferot.

24.) Deliberatioun iwwert d'Geneemegung vun engem zäitlech begrenzte Verkéiersreglement.

25.) AN NËTËFFENTLECHER SËTZUNG: Revisioun vun der Deliberatioun iwwer d'Ernennung vun engem/enger Kandidat(in) fir de fräie Posten ënner dem Statut vum Gemengenemployé (hallef Tâche) fir d'Gemengenadministratioun.

26.) AN NËTËFFENTLECHER SËTZUNG: Revisioun vun der Deliberatioun betreffend d'Demissioun vun enger Gemengenemployée.

Un der Sëtzung huelen deel:

Antoine Rodesch (Buergermeeschter, CSV), Myriam Binck (Schäffin, CSV), Mike Bolmer (Schäffen, CSV)

Michelle Brickler (DP), Sascha Hengen (LSAP), Marie-Louise Kettel (LSAP), Sonja Kettmann (CSV), Frank Melchior (CSV), Myriam Picard (LSAP), Pierre Pletschette (CSV), Romain Rausch (DP).

Gemengesekretär: Marc Pletgen; Redakter: Conny Wantz

Rapport vun der Sëtzung:

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) begréisst d'Conseilleren a kënnegt déi nächst Gemengerotssëtzunge fir den 2. Mäerz, den 13. Abrëll an den 8. Juni un, woubäi dee leschten Datum eventuell nach kéint änneren.

Ausserdeem invitéiert de Buergermeeschter d'Rotsversammlung op zwou Aarbechtssëtzungen an op en Termin fir eng Foto vum aktuelle Gemengerot.

Op den Ordre du jour bäigesat gëtt de Punkt 24.) (Deliberatioun iwwert d'Geneemegung vun engem zäitlech begrenzte Verkéiersreglement).

1.) Deliberatioun iwwer d'Opdeelung vu verschiddene Kadasterparzellen am Hibléck op eng Bebauung.

D'Opdeelung vun zwou Parzellen zu Bungeref an zu Kietscht gëtt eestëmmeg ugeholl.

2.) Deliberatioun iwwert eng Stellungnam zum Leetplang fir Landesplanung 2023 (PDAT).

De Buergermeeschter erënnert dorun, dass zum Thema PDAT eng Aarbechtssëtzung stattfonnt huet. Am Dialog mam berodende Bureau CO3 wiere verschidde Punkten diskutéiert ginn an alles, wat an der Aarbechtssëtzung beschloss gouf, wier an d'Stellungnam agefloss. Fir den Här Rodesch ass dee Plang eng „Quadratur vum Krees". Et soll domat haaptsächlech gereegelt ginn, wou a wéi vill dierf gebaut ginn. Um Territoire vun der Gemeng wiere momentan nach 63 Hektar Bauterrain verfügbar, an de nächsten 12 Joer dierften no deem Plang allerdéngs nëmme knapp 5 Hektar verbaut ginn. Dat, sou de Buergermeeschter, stéing am Widdersproch zu de Planungen, déi bis ewell gemaach goufen. Den Antoine Rodesch féiert an deem Kontext d'Beispill vun de Kläranlagen an de Waasserreservoiren un, déi nom Modell vum PAG konzipéiert gi wieren, fir d'Totalitéit vum verfügbare Bauterrain ze desservéieren. Alles wier op d'Zukunft ausgeriicht gewiescht, an elo géif op eemol d'Handbrems gezu ginn. Am Avis, deen d'Gemeng dem zoustännege Ministère géif zoukomme loossen, wieren d'Bedenken zum PDAT genee formuléiert, an et wier ze hoffen, dass déi Responsabel dësen Iwwerleeunge Rechnung géifen droen. De Buergermeeschter weist sech iwwerzeegt, dass och aner Gemengen änlech Awänn géint de Leetplang wäerten hunn.

Am Avis vun der Gemeng gëtt sech ënner anerem d'Fro gestallt, wéi bei der Berechnung vum Terrainsverbrauch mat Projeten ëmzegoen ass, déi am ëffentlechen Interêt sinn – dat net zulescht am Hibléck op de Bau vun der neier Sportshaal an op dat geplange Fleegeheim, dat net nëmme fir d'Awunner vun der Gemeng, mä fir déi ganz Regioun Fleegeservicer ubidde soll. Weiderhin wier net kloer, wéi déi geplangte Besteierung vu Bauterrainen am Fall vu Retouren oder Réckklasséierungen ze gesinn ass.

Beklot gëtt ausserdeem, dass de Leetplang net op Gemengefusiounen ageet, an a punkto Ëffentlechen Transport ass d'Gemeng Rammerich der Meenung, dass do nach villes verbessert misst ginn. Sou wier et dringend ubruecht, d'Busverbindungen an Zesummenaarbecht mat der Gemeng ze optiméieren, woubäi besonnesch d'Verbindungen am westlechen Deel vun der Gemeng missten ausgebaut an de Schülertransport a Richtung Lëtzebuerg-Stad verbessert ginn.

Déi virgeschloe Stellungnam gëtt eestëmmeg ugeholl.

3.) Deliberatioun iwwert déi provisoresch Geneemegung vun engem Projet fir eng punktuell Ännerung vum Allgemenge Bebauungsplang (PAG) vun der Gemeng Rammerich betreffend Terrainen zu UESCHDREF, rue Jean-Jacques Klein.

An de leschten 2 bis 3 Joer, sou de Buergermeeschter zu de Sëtzungspunkten 3.) bis 8.), hätten eng ganz Parti Leit Demande bei der Gemeng agereecht, fir Budemflächen an de PAG eranzekréien. Well dës Prozedure mat Käschte verbonne sinn, huet d'Gemeng an all deene Fäll bei de responsabele Ministère Préavisen doriwwer ugefrot, ob déi jeeweileg Demande Aussiichten op Geneemegung hätt oder net. Zeréckbehale goufen nëmmen déi Demanden, déi e positiven Avis kruten.

Den Här Romain Paquet, Préposé vum kommunale Service Technique, gëtt dem Gemengeconseil spezifesch Informatiounen zu deenen eenzele Projeten.

Déi provisoresch Geneemegung fir eng punktuell Ännerung betreffend en Terrain am nërdlechen Deel vun der Rue Jean-Jacques Klein zu Ueschdref gëtt eestëmmeg ugeholl.

4) Deliberatioun iwwert déi provisoresch Geneemegung vun engem Projet fir eng punktuell Ännerung vum Allgemenge Bebauungsplang (PAG) vun der Gemeng Rammerich betreffend Terrainen zu HUESCHTERT, rue Principale.

Och dës Ännerung gëtt ouni Géigestëmm akzeptéiert.

5) Deliberatioun iwwert déi provisoresch Geneemegung vun engem Projet fir eng punktuell Ännerung vum Allgemenge Bebauungsplang (PAG) vun der Gemeng Rammerich betreffend Terrainen zu PÄREL, rue des Champs.

D'provisoresch Geneemegung gëtt eestemmeg erdeelt.

6. Deliberatioun iwwert déi provisoresch Geneemegung vun engem Projet fir eng punktuell Ännerung vum Allgemenge Bebauungsplang (PAG) vun der Gemeng Rammerich betreffend Terrainen zu RAMMERICH, rue de Schwiedelbrouch.

D'provisoresch Geneemegung gëtt ouni Géigestëmm erdeelt.

7. Deliberatioun iwwert déi definitiv Geneemegung vun engem Projet fir eng punktuell Ännerung vum Deelbebauungsplang (PAP, quartier existant) vun der Gemeng Rammerich betreffend Terrainen zu UESCHDREF, rue du Lac.

Dëse Projet war schonn an enger viregter Sëtzung beschwat ginn a gëtt elo definitiv an ouni Géigestëmm guttgeheescht.

8.) Deliberatioun iwwert déi definitiv Geneemegung vun engem Projet fir eng punktuell Ännerung vum Allgemenge Bebauungsplang (PAG) vun der Gemeng Rammerich betreffend Terrainen zu UESCHDREF, rue du Lac.

D'punktuell Ännerung gëtt eestëmmeg guttgeheescht.

9.) Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vum Devis betreffend d'Erneierung vun de Feldweeër, ausseruerdentlech Aarbechten vum Exercice 2023, ASTA-Programmer 102 675 an 101 943.

Fir Aarbechten am „Binnewee" zu Holz si Käschte vun 205.681,19€ a fir e Feldwee, deen un d'Rue des Romains zu Hueschtert stéiss sinn 19.000,00€ virgesinn. Dës Devise ginn eestëmmeg akzeptéiert.

10.) Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun engem Devis betreffend d'Erneierung vun de Feldweeër, uerdentlich Aarbechten vum Exercice 2023, ASTA-Programm 102 676.

Den Opwand fir ordinär Aarbechten un de Feldweeër „Op Homer" zu Ueschdref an „Auf Mirwels" zu Holz wäert sech op 63.000 € bezifferen. Op d'Fro vun der Conseillère Marie-Louise Kettel (LSAP), firwat Aarbechten „Beim Loreshof" zu Ueschdref nët zeréckbehaale goufen, äntwert de Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV), dat hätt budgetär Uersaachen; dës Aarbechten wieren op dat nächst Joer reportéiert ginn.

11.) Deliberatioun iwwert ee vum interkommunale Syndikat DEA ugefrote Kapitalbäitrag fir den Exercice 2023.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch erkläert heizou, d'Syndikater kéinte selwer keng Emprunte maachen a missten dofir Kapital bei de Gemengen ufroen. D'Gemeng hätt zwou Méiglechkeete fir dëse Kapitalbäitraag ze finanzéieren: Entweder et géif een en Emprunt vu 35 Prozent (52.937 €) vun der Kapitalzomm (151.250 €) ophuelen an de Rescht direkt bezuelen oder awer déi integral Zomm direkt bezuelen. De Buergermeeschter- a Schäfferot proposéiert, sech fir déi zweet Variant ze entscheeden an deelt och mat, d'Gemeng Rammerich hätt sech fir d'Zukunft weider Waasserkapazitéiten (100 m^3) geséchert.

De Gemengerot schléisst sech ouni Ausnam dem Virschlag un.

12.) Deliberatioun iwwert d'Geneemegung vun der Konventioun betreffend de Bäitrëtt zum SERVIOR-„Iessen op Rieder".

Nodeems d'Gemeng fir de Service „Iessen op Rieder" laang eng Konventioun mat der Croix Rouge hat, bitt déi dëse Service elo net méi un. Aus deem Grond gëtt elo eng Konventioun mat SERVIOR proposéiert. Dës Neierung wäert sech awer net op de Präis fir d'Notzer vum „Iessen op Rieder" auswierken, präziséiert de Buergermeeschter.

D'Konventioun gëtt ouni Géigestëmm akzeptéiert.

13.) Konkordant Deliberatioun iwwer d'Festleeë vun de Primmen, déi bewëllegt gi fir de Kaf a fir d'Reparatur vun elektreschen Haushaltsapparaten mat héijer energeetescher Leeschtung a fir den hydrauleschen Equilibrage verbonne mat der Auswiesslung vun der Heizungs-Ëmwälzpompel duerch eng Pompel mat héijer energeetescher Efficacitéit.

Dës Deliberatioun iwwert eng Primm vun 100 €, déi an alle Gemenge vum Réidener Kanton soll geholl ginn, war schonn am Oktober 2020 am Conseil behandelt ginn, d'Konditioune sinn awer an Tëschenzäit ergänzt ginn.

De Conseiller Sascha Hengen (LSAP) stéiert sech dorun, dass d'Primm nëmmen accordéiert soll ginn, wann et sech ëm elektresch Apparater handelt, déi op der Internetsäit oekotopten.lu vum Mouvement Ecologique opgefouert sinn a fënnt dat ze restriktiv.

D'Conseillère Myriam Picard (LSAP) erënnert dorun, dass d'Gemeng Rammerich gefrot hat, dës Primm all 10 Joer z'accordéieren, well jo och gefléckten Apparater net onendlech géifen halen. Dëse Virschlag wier awer elo am aktuellen Text net zeréckbehale ginn. De Conseiller Frank Melchior weist dorop hin, dass och de kommunalen Ökocenter misst ausgelaascht bleiwen, wat d'Reparaturen ugeet.

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) weist drop hin, dass et sech hei ëm eng „délibération concordante“ handelt, eventuell Ännerunge missten dofir vun alle bedeelegte Gemengen ugeholl ginn.

Et gëtt eestëmmeg beschloss, dee momentanen Text net unzehuelen an déi Kritikpunkten, déi zur Sprooch koumen, alle Bedeelegte schréftlech zoukommen ze loossen.

14.) Deliberatioun iwwer d'Stellungnam zum geplangte Klassement vun engem Site op Gemengenterritoire als nationale Kulturpatrimoine.

An engem Schreiwes vum 30. November 2022 informéiert d'Kulturministesch Sam Tanson d'Gemeng Rammerich, dass d'Schuerelser Schlass an de nationale Kulturpatrimoine soll opgeholl ginn. De Buergermeeschter Antoine Rodesch seet dozou, d'Gemeng wier zwar och der Meenung, dass d'Schlassruin soll erhale bleiwen, et wéilt een awer dem Ministère an der schréftlecher Äntwert un d'Häerz leeën, dass dës Klasséierung net soll zu enger finanzieller Belaaschtung fir de Proprietär féieren.

De Gemengerot schléisst sech dësem Avis eestëmmeg un.

15.) Deliberatioun iwwer eng nei Benennung vun engem Deel vun der rue Abbé Neuens zu BILSCHDREF.

Am Kader vum PAP Hanzekräiz zu Bilschdref gi sechs nei Haiser gebaut. Dëse Gebaier Hausnummeren ze ginn, erweist sech als schwiereg, well d'Nummeren 3,5,9 a 15 schonn attribuéiert sinn. Dofir wëll de Buergermeeschter- a Schäfferot d'Stroossesték vun der Kräizung Rue Abbé Neuens/Riesenhafferwee bis zu der Kräizung mat der Route Nationale 27 nei benennen a proposéiert de Stroossenumm „Bei de Guiden“.

Dës Ännerung wäert fir d'Awunner vun de schonn existéierenden Haiser op deem Tronçon eng Adress-Ännerung bedeiten. An déi nei Nummeréierung abezunn ginn och all déi Parzellen, déi an Zukunft viraussichtlech bebaut wäerte ginn.

D'LSAP-Conseilleren Myriam Picard an Sascha Hengen schloe vir, deen Abschnitt no der éischter Direktesch vum Naturpark, Fernande Brachmond, ze benennen, déi vu Bilschdref war an 2001 verstuerwen ass. Et hätt een an dëser Saach och scho Kontakt mat der Madamm Brachmond hierem Mann opgeholl, deen dëse Virschlaag ënnerstëtze géif.

No kuerzer Diskussioun schléisst sech d'Rotsversammlung ouni Ausnam der Propositoun un, de Stroossentronçon „Rue Fernande Brachmond“ ze benennen.

16.) Deliberatioun iwwert d'Bestätegung vu verschiddenen dréngenden zäitlech begrenzte Verkéiersreglementer.

Temporär Verkéiersreglementer, déi vum Buergermeeschter- a Schäfferot zënter der leschter Sëtzung wéinst diversen Aarbechten erlooss goufen, ginn dem Gemengerot virgeluegt, fir bestätegt ze ginn. Betraff vun dëse Reglementer waren d'Rue des Tilleuls op der Roumicht, d'Rue de Bettborn zu Foulscht an d'Stroossen Rue Principale, An der Huel, Rue de Schwiedelbrouch a Rue de Grevels zu Rammerich.

D'Verkéiersreglementer ginn ausnamslos eestëmmeg confirméiert.

17.) Revisioun vun der Virranglëscht vun de Gemengerotsmemberen.

Déi wéinst enger personeller Ëmbesetzung am Gemengerot aktualiséiert Virranglëscht gëtt eestëmmeg guttgeheescht.

18.) Deliberatioun iwwer d'Ersetze vun engem Vertrieder vum Gemengeconseil an der kommunaler Schoulkommissioun.

A geheimer Ofstëmmung gëtt d'Conseillère Myriam Picard (LSAP) ouni Géigestëmmen zur Vertriederin vum Gemengeconseil an der kommunaler Schoulkommissioun ernannt.

19.) Deliberatioun iwwer d'Ersetze vun engem Vertrieder vum Gemengeconseil am lokalen Aktiounsgrupp LEADER.

A geheimer Ofstëmmung gëtt de Conseiller Sascha Hengen (LSAP) ouni Géigestëmm zum neie Vertrieder vum Gemengeconseil am lokalen Aktiounsgrupp LEADER ernannt.

20.) Deliberatioun iwwert d'Ernennung vun engem Vertrieder vun der Gemeng Rammerich am Verwaltungsrot vum Sozialbüro vum Kanton Réiden/Atert, OS-Care.

A geheimer Ofstëmmung gëtt d'Madamm Jessica Wszola ouni Géigestëmm zur Vertriederin vun der Gemeng Rammerich am Sozialbüro vom Kanton Réiden/Atert, OS-Care ernannt.

21.) Deliberatioun iwwert d'Accordeiere vun Entwécklungshëllefen.

Vun de 5.000 €, déi am Gemengebudget fir Entwécklungshëllef virgesi waren, gi jeeweils 2.500€ un d'Associatiounen Op der Schock a.s.b.l. an Fleegeelteren Lëtzebuerg a.s.b.l..

Mat dëser Opdeelung erkläre sech ausnamslos all Conseillèren a Conseilleren averstanen.

22.) Deliberatioun iwwert d'Accordéiere vun aussergewéinleche Subsiden

Eng finanziell Hëllef vun 250 € geet un: Association des nationale des victimes de la route; ALAN-maldies rares Luxembourg; Amicale du groupe cynotechnique a.s.b.l. (support du groupe canin du CGDIS); SOS Détresse; Ambulanz Wonsch – lescht Erënnerunge schafen; SOS Villages d'enfants du monde; Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung. En extraordinaire Subside an Héicht vun 150 Euro fir d'Union Grand-Duc Adolphe fir d'Organisatioun vum drëtten europäesche Concours fir Blosorchester gëtt eestëmmeg bewëllegt.

23.) Äntwerten op d'Froen un de Buergermeeschter- a Schäfferot.

Et leie fir dës Gemengerotssëtzung keng Froe vir.

24.) Deliberatioun iwwert d'Geneemegung vun engem zäitlech begrenzte Verkéiersreglement.

Wéinst Heckenaarbechte vu Proactif gëllt vum Haus 2 bis zum Haus 5 an der Rue du Faubourg op der Leekoll vum 13. bis 21 Februar en temporärt Verkéiersreglement, dat vum Gemengerot ouni Géigestëmme geneemegt gëtt.

25.) AN NËTËFFENTLECHER SËTZUNG: Revisioun vun der Deliberatioun iwwer d'Ernennung vun engem/enger Kandidat(in) fir de fräie Poste ënner dem Statut vum Gemengenemployé (hallef Tâche) fir d'Gemengenadministratioun.

26.) AN NËTËFFENTLECHER SËTZUNG: Revisioun vun der Deliberatioun betreffend d'Demissioun vun enger Gemengenemployée.